



Et ass also esou décidéiert.

Mir kéimen dann elo nach zu enger Question urgente mat der N°514 vum Här Claude Haagen iwwert d'Brasserie de Luxembourg. Den Här Haagen huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet zéng Minutten Zäit, fir dorobber ze äntwerten. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

### 3. Question urgente N°514 de M. Claude Haagen relative à la Brasserie de Luxembourg

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Dossier Dikrecher Brauerei war an ass an deene leschten zwee Méint op jidde Fall an aller Mond. Rieds ass gaangen, fir d'Brasserie de Luxembourg Mousel-Diekirch, déi jo bekanntlech zum Konzern AB InBev gehéiert, zouzemaachen an d'Produktioun an d'Belsch ze delokaliséieren. Dës net novollzéibar Décisioun bedeit ënner anerem, datt op d'mannst 63 Leit beträff sinn, hir Plaz verléieren, obwuel d'Dikrecher Brauerei an deene leschte Joren, notament 2008 an 2009, Milliounen Euro Benefisser gemaach huet.

Sou wéi d'Membere vun der parlamentarescher Wirtschafts- an Aarbechterkommissioun, oder Aarbechtskommissioun villméi, an enger Commission jointe vun den Härre Ministere Krecké a Schmit matgedeelt kruten, huet d'Regierung probéiert, bei AB InBev ze vermëttelen an huet mat potenziellen Investisseure verhandelt, fir d'Aarbechtsplazen an d'Produktioun zu Dikrech ze sécheren.

An deene leschte Stonne si vill Rumeuren an deem heiten Dossier opgetaucht, notament iwwert de Radio an och iwwer Communiqués de presse. Duerfir wollt ech an dësem Kontext de Wirtschaftsminister froen: Stëmmt et, datt no den Négociatione mat AB InBev a verschiddenen Investisseuren et zu engem Accord komm ass, wat d'Dikrecher Brauerei betrëfft? An déi zweet Fro: Wa jo, wat bedeit den Accord fir de Produktiounsstanduert Dikrech, a besonnesch fir d'Aarbechtsplaze vun der Dikrecher Brauerei?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Haagen Merci. An elo kritt de Wirtschaftsminister Jeannot Krecké d'Wuert.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sécherlech eng gutt Nouvelle fir vill Leit, mä haaptsächlech fir déi Leit, déi do schaffen. Säit Wochen, an ech mengen, ech war an d'Chamber komm an hunn d'Chambersleit och wierklech gebieden, eis nach e bësse Vertrauen ze schenken, well mir wieren amgaangen, op enger ganzer Rei Zeenarien ze schaffen. Ech soen och Merci, dass ech net hei gedrängelt gi sinn, fir eppes musse präiszeginn, wat zu deem Zäitpunkt beispillsweis eng Léisung war, déi haut schonn net méi wouer ass. Dat, wat ech deemools am Kapp hat, ass haut schonn net méi wouer. Mir hunn eng aner Léisung elo. Eng Léisung, déi also mat sech bréngt, dass et net zur Schléissung kennt vun der Dikrecher Brauerei.

Ech muss och soen, wa mer elo - ech muss soen, mir mussen nach virsiichteg sinn - besser Aussichten an deem Dossier hunn, dann ass dat dank enger ganz gudder Zesummenaarbecht, déi net nëmmen, mengen ech, hei huet de Lëtzebuurger Modell wierklech fonctionnéiert, awer bis erof op d'Basis bei d'Leit, eng gutt Zesummenaarbecht, mengen ech emol, éischters an der Regierung, iwwer SNCI, Économie, Aarbecht.

Och mat de Leit vun AB InBev. Mir hunn do vill Méi gehat, déi ze iwwerzeegen. Déi hate jo eng ganz aner Optik. Déi wollten ënner kengen Émstänn nach eng Kéier hei brasséieren. An ech muss virun allem d'Personal hei wierklech félicitéiere fir déi Rou, déi se behalen hunn.

### (Interruption)

Neen, et muss ee wierklech soen, si hunn iwwer hir Gewerkschaftsvertreider, an dat ass mer bestätegt gi vum Management, weiderhin eng exemplaresch Aarbecht do gemaach. A si hu sech net fir zwee Sou umierke gelooss, dass se awer schlussendlech e Lous haben, wat net flott war, nämlech dat, muer op der Strooss ze sinn. An dass si hir Aarbecht bis zum Schluss elo wierklech exemplaresch gemaach hunn, huet och de Management kënne confirméieren.

Duerfir, et ass schonn eng flott Operation, déi hei, esou wéi se verlaf ass. Et ass net vill no bausse gesot ginn, mä et ass no bannen eng ganz propper Aarbecht gemaach ginn.

Mir haben, ech hunn et gesot gehat an der Kommissioun, nennt Der, dass mer eng Rei Zeenarien hunn. Hei ass net deen, dee mir elo am Fong geholl bezwängt hunn, mä dat ass dee Modell, deen eis et elo géif erlabe weider déi zwee Haaptpunkten, nämlech do ze brauen zu Dikrech an, zweetens, d'Aarbechtsplazen ofzesécheren, wat eis dat géif erlaben.

Ech hat ugedeit, et ass jo net einfach fir ze soen, hei geet et just ëm eng Brasserie. Hei geet et ëm Terrainen, Immobilien, hei geet et ëm d'Braue vu Béier. Jo, déi Aktivitéit. Hei geet et awer och ëm de Marketing an d'Marken, déi wierklech en Deel fir sech duerstellen, d'Aart a Weis, wéi een d'Ges-tioun vu Marke mécht. Hei geet et ëm d'Logistik, d'Verdeelung an et geet ëm all déi Regeln, déi och den Här Frieden uginn, nämlech déi vum Cabaretage, d'Lizenzen alleguerten. Et ass evident, dass dat hei mat eragespillt huet.

Ech mengen, mir sinn haut esou wäit, dass d'Brasserie de Luxembourg Mousel-Diekirch op hiren initiale Plang zrëckkennt. Si hate jo ënner kengen Émstänn, an och an e puer Zeenarien hate se eis dat scho gesot, wéilte si net méi déi sinn, déi wëlle brauen. Mir waren ee Moment op engem Trip, wou mer dann en anere beoptraagt hätten, ze brauen, deen hinnen dann zougespillt hätt. Mir hunn, wéi gesot, all Méiglech d'uerchgespillt. Dat hei ass elo dat, wat erauskomm ass.

Et ass e Protocole d'accord, fir den Terrain an d'Gebaier, d'Terrainen an d'Gebaier soen ech, fir déi ze verkafen un e Grupp vu Lëtzebuurger Investisseuren, déi zu dësem Zäitpunkt, vu dass de Finanzement an der totaler Form nach net steet, wou Lëtzebuurger Investisseuren déi Gebaier géifen opkafen a se dann un InBev zrëckleasen, InBev, déi dann déi eigentlech Brauerei-aktivitéite mat der Infrastruktur, déi an de Gebaier ass, géif assuréieren, InBev, déi weiderhin och am Besëtz vun allem, wat d'Verpakung, oder ënner Kontroll, Verpakung, Verdeelung géif geschéien. Et war schonn eng Kéier de Fall an där Brauerei, dass d'Logistik no bausse ausgelagert ginn ass.

Dat ass och dës Kéier méiglech, awer da geuerdnet. Do si schonn eng ganz Rei Accordé getraff. Ech mengen, InBev ass och gewëllt, wesentlech Zommen ze investéieren an de Marketing, an d'Mark Diekirch haaptsächlech selwer. Si hunn de Moien d'Personal informéiert iwwert de Stand der Dinge, an duerfir ass et och kloer, dass ab engem gewëssene Moment d'Rumeure komm sinn. Ech mengen, d'Leit ware glécklech an hunn dat dorëmmer erzielt. Firwat och net? Mä, wéi gesot, et muss een nach virsiichteg sinn, well de Finanzement steet an där Form nach net honnertprozenteg.

Enfin, mir hunn awer elo emol, ech géife soen, e Businessmodell, mat deem InBev d'accord war. Well bis dohinne war et jo emol iwwerhaapt se ze iwwerzeegen, dass et en anere Businessmodell gëtt wéi deen, dee si sech virgestallt hunn, nämlech zouzemaachen an dat Ganzt an d'Belsch auszelagere. Mir hunn also e Businessmodell, wou mer och probéieren, dass dee Finanzement spéiderhi steet. Mir mussen och mat der Gemeng schwätzen, well déi spillt jo och do e Rôle. Wann et ëm Terrainen an ëm Gebailechkeete geet, dann ass et evident, dass d'Gemeng och muss informéiert ginn.

Et ass also kee Sozialplang virgesinn, et gëtt keen entlooss. Wann dann iergende Problem wier, dann hu mer och den

Accord, dass et e Plan de maintien dans l'emploi gëtt, dee mat de Gewerkschaftsvertreider schonn d'uerchdiskutéiert ginn ass. An ech muss soen, dat hei ass schonn eng Réussite, a mir solle frou sinn, dass an dësem Fall de Modell eng Kéier total gespillt huet.

Deen een oder deen aneren huet mer gesot: Majo, firwat hues de dann net datselwecht bei Villeroy & Boch fäerdeg bruecht? Firwat hues de et net bei anere fäerdeg bruecht? Jo, et muss een eng Alternativ hunn. Dat heescht, et muss een een hunn, deen entweder de Betrib iwwerhëlt oder deen engem esou eng Operation wéi déi do méiglech mécht, wou een also iwwer Zwëschenoperationen zu deem kennt, wat ee sech virgeholl huet. Dat ass net ëmmer de Fall.

Dir wësst, a munche ganz schwéiere Momenter, wou mer leider hu missen e Sozialplang maachen, hate mer keng Alternativ, hate mer keen Investisseur, dee bereet war, matzemaachen. Hei hu mer där e puer gehat, och Auslänner, och Lëtzebuurger. Hei ass dat, wat elo zrëckbehalde ginn ass. An ech hoffen, dass elo an deenen nächste Wochen, wou mer elo den Detail awer nach mussen ausschaffen, dass mer do och eng Eenegung fannen. De Businessmodell steet elo emol zumindest. Mir mussen elo nach de Finanzement hikréien. An dann hoffen ech, dass déi Episod hei, wat eng haart war fir déi Leit, déi do schaffen, déi do während Wochen an der Ongewëssheet gelieft hunn, dass déi dann och erëm sécher sinn, dass se muer nach eng Aarbechtsplaz hunn.

Voilà, Här President, ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci, Här Wirtschaftsminister.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Däerf ech nach eng Zwëschefro stellen?

► **M. le Président.**- Neen, mir sinn zwar, Här Hoffmann, net méi an där Prozedur.

► **Une voix.**- Ooohhh!

► **M. le Président.**- Mir sinn net an der Prozedur. Ech mengen, Här Hoffmann, et steet Iech fräi zu engem spéideren Zäitpunkt eng Fro ze stellen. Mä ech mengen, mir sollen elo hei mat eisem Ordre du jour virufueren.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6037, eng Ofännerung vum Pressegesetz. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Härre Berger, Fayot, Adam, Colombara an Hoffmann.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

### 4. 6037 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 8 juin 2004 sur la liberté d'expression dans les médias et de la loi du 3 août 1998 sur la promotion de la presse écrite

#### Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Média et des Communications

► **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, de Journalismus ass schonn e bëssen en aparte Métier. Net nëmmen, datt et vun him heescht, e géif zu allem féieren, wann een nëmme mat Zäit d'Lach kritt. Hien ass och nach déi schéinste Form vu Formation continue, well et léiert een all Dag nëmme bái an deem Beruff.

Journalismus ass awer och duerfir eppes Besonnesches, well e sech néierens esou richtig areie léisst. Hien huet zum Beispill seng eege Regeln, déi awer néierens esou genee festgehalde sinn. Hie beweegt sech iergendwou tëschent enger totaler Fräiheet vu Meinung, Iwwerzeegung an Information op där enger Säit, an de Contrainten, déi de Respekt virum Eenzelen a senger Privatsphär - an do si mer erëm, Här Bausch - him operleet. Vun deene wirtschaftlechen Zwäng guer net ze schwätzen, déi d'Medien als Entreprisé musse respektéieren.

An da gëtt dee Métier och nach souwuel vu Salariéen exzerziert wéi vu sougenannte Freelance, wat et net méi einfach mécht,

de Journalist par rapport zu anere Beruffer ze positionéieren. Engersäits brauch hien e Maximum un Onofhängegkeet, fir säi Beruff uerdentlech ze maachen, an ass dobäi dach op där anerer Säit meeschtens soss näischt wéi en Employé, dee sengem Patron ze follegen huet.

Domat wiere mer dann och scho matten am Sujet vun dësem Gesetzesprojet. Et geet dorëm, d'Positioun vum Journalist tëschent der gesetzlecher Reguléierung an der Autoreguléierung ze bestëmmen. Wuel ass dat zum Deel scho längst geschitt bei eis - Här President, Dir wësst et gutt, well Dir hat domat ze dinn -, notament mam Ariichte vun engem Presserot an de 70er Joren, enger Instanz, déi iwwert deenen diverse Journalisteverbänn steet an déi och offiziell vum Législateur unerkannt ass.

An e weidere Schrëtt gouf just virun de Wahlen 2004 - wéi Dir, Här President, Rapporteur waart - mat deem Gesetz iwwert d'Ausdrocksfräiheet an de Medië gemaach, dat sech am Detail mam Statut vum Journalist a mat all deem befaasst, wat dorunner hänkt. Et ass och dëst Gesetz, dat mir haut licht nobessere wëllen, ënner anerem fir et nach eng Grëtz méi prezis a méi komplett ze maachen.

Et sinn dräi Punkten, mat deene sech deen neie Projet ofgëtt. Et geet engersäits drëm, dem Presserot, als Institution, d'juristesch Personalitéit ze ginn, déi e bis elo net hat. Da gëtt, zweetens, prezisiéiert, wéi d'Prozedur auszegesinn huet, wann een Asproch géint e Refus vum Presserot a Saache Journalistekaart, Journalistenauswäis aleet. A schliesslech gëtt de Begrëff „Journalist“ als Berufsbezeichnung nach e bësse méi kloer an exakt gefaasst, wéi dat bis elo de Fall war.

Déi zwee éischt erwähnte Punkten hu weider keng Froen opgeworf. Als offiziell unerkannten Arichtung steet dem Presserot bestëmmt eng zivilrechtlech Unerkennung zou, déi him natierlech och eng entsprechend Responsabilitéit operleet, an déi et hirem President erlaabt, noutfalls viru Geriicht fir seng Institution unzuetrieden.

Dann d'Prozedur, déi Prozedur, déi ze befollegen ass, wann déi sougenannte Kaartekommissioun, déi driwwer diskutéiert, wien e Journalistenauswäis kritt, engem d'Kaart refuséiert huet. Duerfir war am Gesetz vun 2004 weider näischt festgeluecht ginn, do huet et just geheescht, déi Décisioun kéinte virum Verwaltungsgericht ugefecht ginn. Dat gëtt elo vill méi exakt formuléiert, an déi al Recours-prozedur virun enger Appelkommissioun gëtt erëm ageféiert, déi 2004 e bëssen huerteg ofgeschaaft gi war. A wann dann éieren déi Kommissioun, déi aus Vertreider vum Presserot an engem Magistrat als President besteet, de Refus vun der Kaartekommissioun sollt confirméieren, da kann een nach ëmmer bei d'Verwaltungsgericht goen an dat als lescht Instanz uruffen.

Am Contraire zu dësen zwee Punkten, ass deen drëtten net gradesou einfach ze léise gewiescht. Dat hänkt virun allem domat zesummen, datt dat Basisgesetz vun 2004 just net vu Journalisten a Pressekaarten a sengem Intitulé schwätzt, mä e bësse feierlech vun der „liberté d'expression dans les médias“. Ee Begrëff, dee vill méi wäit gefaasst ass wéi dat, wat een ënnert der einfacher journalistescher Aktivitéit versteet.

Et kennt natierlech net a Fro, datt een elo d'Fräiheet, fir sech an de Medien auszuedrücken, op d'Journaliste limitéiert, déi sech haaptberufflech mat der Information ofginn. Et ka jiddwereen an enger Zeitung, am Radio oder am Internet senger Meinung fräie Laf loossen, ouni datt hien duerfir offiziell ausgewisene Journalist muss sinn. Wat näischt anescht heescht, wéi datt een, dee gelegentlech oder souguer méi dacks an de Clavier oder zum Mikro gräift, net och e journalisteschen Akt setzt a sech duerfir genee geholl souguer Journalist nennen däerft, woumat d'Grenz tëschent engem Geleeënheetsauteur an engem haaptberuffleche Journalist natierlech total verwëscht géif, wat erëm duerfir net gutt wier, well deen, dee säi Brout mam Journalismus verdéngt, dach op gewësse Facilitéiten an op gewësse Rechter ugewisen ass, fir säi Métier uerdentlech kënnen auszeüben.





Fir deem Flou aus de Féiss ze goen, hat Är Mediëkommissioun sech mam Presserot behandelt a war mat him zesummen zur Konkusioun komm, datt et net duergeet, mat deem einfache Begrëff „Journalist“ ze operéieren, mä datt een e kloten Trennstrech tëschent occasioneller journalistescher Aktivitéit a vollberufflechem Journalismus zéie misst. Dat geschitt elo mat dëser Korrektur um Gesetz vun 2004, déi eigentlech nuren aus engem eenzegen, awer engem entscheidende Wuert besteet, nämlech dem Adjektiv „professionnel“. All Kéier, wann an Zukunft vu Journalist Rieds geet, sinn domat ausschliesslech Beruffsjournaliste gemengt, esou wéi se am Gesetz definéiert sinn. Allerdéngs net méi ënnert der einfacher Bezeichnung Journalist, mä ënnert dem vill méi prezise Begrëff „journaliste professionnel“.

Mat där Proposition war och de Statsrot d'accord. Deen hat allerdéngs an där enger oder anerer Detailfro en Hoer an der Zopp fonnt an duerfir gläich e puermol mat senge redoutablen Oppositions formelles gewénkt. Mä andeems si den Objectiounen vun där héijer Kierperschaft, souwuel an där hirem éischte wéi och an hirem zweeten Avis, Rechnung gedroen huet, mengt Är Kommissioun deenen Awänn d'Spëtz ofgebrach ze hunn, esou datt och de Statsrot elo wuel mam Endprodukt misst liewe kënnen. Wie sech fir d'Detailer vun dem Statsrot sengen Iwwerleeungen an och deene vun Ärer Kommissioun interesséiert, deem sief d'Lecture vum schrëftleche Rapport empfue, dee méi genee op d'Argumenter an d'Géigenargumenter ageet, aus deenen dës Versioun um Enn vum Projet erausgefiltert ginn ass.

Well mat dësem Gesetz d'Notioun vum „journaliste professionnel“ gesetzlech verankert gëtt, huet och misse, do, wou bis elo ëmmer nëmme vum Journalist tout court an den Texter Rieds giong, déi Präzisioun bäigepéicht ginn. Dat ass de Fall fir d'89er Versioun vum Gesetz iwwert d'Pressehëllef, déi hirersäits schon 1977 agefouert gi war. Do heescht et vun elo un, datt en Éditeur ënner anerem fënnf Journalistes professionnels haaptberufflech - dat kënnen der och sechs sinn, wann der zwee dovun nëmme halbzäitlech schaffen - beschäftege muss, fir an de Genoss vun där Ënnerstëtzung ze kommen, déi mat-hëllef, de Pluralismus vun eiser geschriwener Press ze erhalen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, zum Ofschloss erlaabt Dir Ärem Rapporteur, dee jo selwer e Véirelsjorhonnert laang zu där schriewender Zunft gehéiert huet, nach zwou méi kuerz perséinlech Bemerkungen.

Éischtens mengen ech,...

#### (Interruption)

Jo, esou al ass en, dee jonken, dynamesch Deputéierten, deen Dir gemengt hutt, Här Schiltz.

Éischtens mengen ech, datt mir et mat dësem Gesetz fäerdeg bréngen, d'Aspiratiounen vun der Press, fir sech an enger gréisstméiglecher Onofhängegkeet selwer ze reguléieren, ënner een Hutt ze brénge mat dem Bestrewe vum darselwechter Press no offizieller Unerkennung duerch de Législateur. Mä et ass elo um Presserot, sech a senger Roll als déi moralesch Autoritéit vun de Journalisten ze confirméieren an dee Fräiraum, deen dëst Gesetz him bitt, ze notzen, fir de Beruff ronderëm op Qualitéit ze trimmen, sief dat am Beräich vun der berufflecher Aus- a Fortbildung, sief et, wat de Respekt vun den deontologeschen Regeln ubelaangt.

An zweetens kann ech mer et net verbäissen unzehänken, datt zur gudder Lescht dach net de Fait, datt een eng Pressekaart an der Täsche huet, e gudder Journalist aus engem mécht. Et sinn um Enn dach nëmme d'fachlecht Kënnen, d'Kompetenz an d'Responsabilitéitsgefühl, déi entscheidend sinn. Well ouni déi kann een deene moraleschen Ufuerderung vum dësem ustrengenden, a grad dofir esou schéine Beruff net gerecht ginn.

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- An etheschen.

► **M. Lucien Thiel** (CSV), rapporteur.- Dir kritt och nach ethesch derbäigesat. Ganz gär, Här Braz.

Dat gesot, géif ech lech am Numm vun der Kommunikatiouns- a Mediëkommissioun recommandéieren, dësem Gesetz Äre Segen ze ginn. Den Accord vun der CSV-Fraktioun ass him jiddefalls elo scho gewëss.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Lucien Thiel Merci. Als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger age-droen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen an och schrëftleche Bericht. Besonnesch am schrëftleche Bericht sti ganz vill Detailer explizéiert. En huet och hei e puer Experienzen aus sengem fréiere Liewen als Journalist e bësse mat eragefléckt oder erageschafft an dee Rapport, wat jo ganz interessant ass. Ech kann duerfir e bësse méi kuerz sinn.

Et ass jo schon e bëssen eppes Aussergewéinlech, wann d'Chamber no e puer Joer e Gesetz, dat se virun e puer Joer gestëmmt huet, erëm modifizéiert. Et ass awer an dësem Fall éischter eng Logik dra respektiv et ass eng Konsequenz dran, well wann ee kuckt an d'Debatte vun 2004 liest, hat deemools d'Chamber och eng Motioun gestëmmt, wou drastoung, datt soll innerhalb vun dräi Joer nom Vote vum Gesetz en éischte Bilan gemaach ginn an eventuell Korrektur virgeholl solle ginn.

Dat ass also am Fong geholl hei gemaach ginn. D'Chamber huet sech där Motioun ugehall. Oder et ass emol eng Kéier de Fall gewiescht, datt dann och d'Chamber eng Motioun respektéiert huet. A si hunn och an Zesummenaarbecht mam Conseil de presse festgestallt, datt sech an der Praxis verschidde Problemer gestallt hunn, verschidde Dispositiounen Schwierigkeete gemaach hunn. Dat war virun allem déi Fro vum Titel oder Beruffsbezeichnung vum Journalist an déi domat verbonne Journalistekaart, déi de Presserot vergëtt. Och dat huet de Rapporteur jo schon expositéiert. Ech ginn also net weider dorobber an.

Souwäit ech och déi Diskussiounen suivéiert hunn, waren et jo och Problemer, wou da Leit viru Geriicht gaang sinn a wou et dann eben och sënnvoll war, fir och déi Kompetenz vum Presserot vläicht besser ze definéieren, datt se zum Beispill d'Personnalité juridique kréien an och dann déi verschidde Instanze méi kloer definéiert gi sinn.

Elo hu mer also Ëmännerunge virgeholl. Et geet also virun allem drëms, fir déi Formulatioun vum Journaliste professionnel an d'Gesetz anzuschreien, wou dat klengt Wuert „professionnel“ den Ënnerscheid mécht a wou preziséiert gëtt, wat fir eng Konditiounen een da muss erfëllen, fir dann och d'Pressekaart ze kréien. Virun allem ass also hei och - wéi soll ech soen? - déi Erklärung, datt ee virun allem muss do säin Haaptrevenu, säi Revenu principal bezéien, fir sech da kënnen esou ze nennen.

De Presserot bestëmmt also mat deene Virgaben, wie sech hei zu Lëtzebuerg ka Journalist nennen. Oder elo opgrond vun deenen neien, méi präzise Formulatiounen kënnen si et dann och méi einfach hunn, fir d'Pressekaarten auszustellen. Ech hu gëschter gelies, datt ronn 460 Leit hei zu Lëtzebuerg betraff wiere respektiv datt déi dann elo och kéinten déi Pressekaart ënnert där Form kréien.

Ech géif hei och ervirsträichen, datt de Projet a ganz enker Zesummenaarbecht mat dem Presserot ausgeschafft ginn ass, dee jo och e representatiivt Organ an deem Beräich ass, wat jo och nach eng Kéier am Gesetz vun 2004 festgehale gi war. A si hunn eis jo och ze verstoe ginn, datt si elo mat där neier Versioun keng Problemer méi hunn, datt do virun allem hire Problemer Rechnung gedroe ginn ass an datt si och domadder kënnen ganz zefridde sinn.

Meng Fraktioun kann och dësem Projet zoustëmmen, wéi gesot, well e mat deem concernéierte Secteur ausgeschafft ginn ass a well eben dann och hei Schwaachstelle vum Gesetz ausgebigelt gi sinn.

Ech wéilt zum Ofschloss nach kuerz eng Remarque maachen, déi iwwert den Text erausgeet. Ech hat dës och schon an der Kommissioun gemaach. Si betrëfft dat, wat een op Däitsch „Informationsfreiheitsgesetz“ nennt, oder op Franséisch „Droit d'accès à l'information“.

Baséierend op d'Konventioun vun Aarhus ass eng Direktiv entstanen, déi och zu Lëtzebuerg muss ëmgesat ginn - se ass och schon zum Deel am Ëmweltberäich ëmgesat ginn - an déi et also de Bierger soll erméiglechen, Asiicht an Dokumenter vu Verwaltungen ze ginn, déi si betreffen oder déi d'intérêt général sinn. Dat concernéiert a mengen Aen och méi speziell d'Press, well si jo och eng Aufgab hunn, fir ze informéieren, ze recherchéieren. Si müssen also och d'Méiglechkeet kréien, schnell un Informatiounen ze kommen. An anere Länner, wéi zum Beispill an Däitschland, mä och an enger Rei aneren europäeschen Länner ass dat da speziell an déi jeeweileg Pressegesetzter ageschriwwen ginn.

Et wier also och hei d'Geleeënheet gewiescht, dëst elo an deem Gesetz hei nozebesseren oder och an d'Gesetz mat eranzeschreien, wou et jo ëm d'Flichten an awer och ëm d'Rechter vun der Press an de Journaliste geet.

Wann een elo déi Dispositiounen oder déi Propositionen kuckt, déi méi generell virgesi sinn, och an engem neie Gesetz, dat soll kommen, zum Accès à l'information, do ass et jo ënner anerem déi Proposition de loi Bodry, déi do soll weider op de Leescht geholl ginn, da geet do Rieds, datt esou Dokumenter, déi een da bei Verwaltungen kann ufroen, net dierfen diffuséiert oder kommerzialiséiert ginn.

Wann een dat also op Journalisten unwennt, heescht dat, datt si eigentlech hei e Maulkuerf ugedoe kréien. Dat heescht, datt si also net kënnen investigative Journalismus maache respektiv datt si och net kënnen Informatiounen, déi se och eventuell da géifen ufroen, bewäerten oder weiderginn. Dat schéngt mer contraire zur Iddi an zur Philosophie vum Pressegesetz.

Ech wéilt elo net en détail op déi Fro agoen, ech hat just do en interessanten Artikel vum Ines Kurschat am „Lëtzeburger Land“ fonnt, deen heescht „Kampfansage“. Dat war am Abrëll 2009, wou dat e bësse méi en détail do explizéiert gi war. De Presserot, hunn ech do erausgelies, hat virun engem Joer nach méi dorobber bestan, fir och elo an d'Pressegesetz dat spezifesch Informationszougangsrecht fir Journalisten anzuschreien.

Bei där leschter Réunioun, déi mer haten, wéi mer duerno iwwert déi Amendementen diskutéiert hunn, war dunn net méi esou Rieds dovunner. Ech hat och de Minister Biltgen doropshin an der Kommissioun ugeschwat, an hien hat gesot: De Presserot huet et jo net gefrot, da brauche mer et also och net dranzeschreien.

#### (Interruption)

Dach, Här Biltgen. Esou kann ech mech dat erënneren.

An och beim Neijoerspatt vum Premier, deen huet jo och du relativ Kloertext geschwat an en huet gesot, et géif guer net a Fro kommen, datt esou eppes an d'Pressegesetz géif ageschriwwen ginn, dont acte. Ech mengen, dat schéngt also dem Presserot elo net méi weider en Uleies ze sinn. Ech mengen awer, datt hei d'Geleeënheet verpasst ginn ass, fir e wichtegt Recht fir Journalisten an hiert Gesetz anzuschreien.

Dat gesot, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz bréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Berger Merci. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Här President, d'Gebitt vun der Fräiheet vun de Medien ass e ganz sensibel an delikat Gebitt, wat och am Ausland ganz staark observéiert gëtt. De Bewäis derfir ass, dass eng kleng Affär am Mediëberäich zu Lëtzebuerg

derzou gefouert huet, dass Lëtzebuerg, wat an dem Klassesment vun der Pressefräiheet vun de Reporters sans frontières 2008 op éischter Plaz war, op déi 20. Plaz am Joer 2009 zrëckgefall ass, wéinst där Affär „Contacto“. Ech kommen nach eng Kéier dorobber zrëck.

Just dat, fir ze weisen, dass déi Regeln, déi mer ons ginn, fir d'Fräiheet vun der Press, vun de Medien insgesamt ze schützen, extrem wichteg sinn an enger Gesellschaft an dass se musse wierklech op de Punkt observéiert ginn.

Trotzdem muss een am Kader vun dësem Projet drun erënneren, dass mer am Gesetz vun 2004 en aalt Gesetz vun 1869 ersat hunn. Mir hunn eigentlech eng repressiv Pressegesetzgebung ersat duerch eng positiv, offensiv, fräiheetlech Gesetzgebung. Dat war och 2004 an dëser Chamber eestëmmeg esou ugehall ginn. An et war ganz bestëmmt ee ganz wichtegt Gesetz vun dësem Jorzéngt, well et jo och ganz enk mat der Professioun deemools ausgeschafft ginn ass.

Ech wëll drun erënneren, dass déi Motioun do, déi deemools den 13. Mee 2004 hei vun der Chamber ugehall ginn ass, déposéiert vum deemolege Rapporteur Laurent Mosar, e puer Punkten ervirgestrach huet, wou et gutt ass, dass ee sech drun erënnt an dass een dat am Kapp behält, och fir déi weider Evolutioun vum Pressegesetz.

Dat eent, dat ass zum Beispill dee Code de déontologie, deen de Presserot sech jo 2006 ginn huet, opgrond vun dem Gesetz vun 2004. An ech wëll trotzdem drun erënneren, dass dat, wat an deem Code de déontologie do steet, ganz largement och am Gesetz steet.

Et war 2004 eng Diskussioun, den Här Rapporteur a President wäert sech dorunner erënneren, ob een déi deontologesch Considérationen sollt an d'Gesetz setzen oder an e Code. Deemools ass natierlech gesot ginn: Mir loosse et an dem Gesetz, well esou e Code eigentlech keng Force de loi huet, well mer nach net verfassungsméisseg déi Regelungen hunn, fir dat ze erlaben. Dat ass jo dann och geschitt.

Fir op déi Affär „Contacto“ zrëckzekommen, déi awer interessant ass. Do ass jo eng Perquisitioun an de Lokaler vum „Contacto“ gemaach ginn. An déi Perquisitioun ass higaangen, fir Quelle vun engem Journalist fir en Artikel an deem „Contacto“ ze sichen. Do hätt jo dann och misse de President vum Presserot derbäi sinn. An ech mengen, wann een elo den Text vun dem Gesetz ganz genee kuckt, da kann ee sech d'Fro stellen, ob hei wierklech de Quellschutz, esou wéi en am Gesetz ass, esou observéiert ginn ass.

Sécher ass de Code de déontologie, wéi och de Minister vun der Kommunikatioun a senger Fro op eng Question parlementaire vum Laurent Mosar geäntwert huet, näischt, wat elo, wéi ee seet, il n'a aucune valeur légale. Dee Code de déontologie „n'est pas opposable aux instances judiciaires“. Nach muss een trotzdem soen, dass am Pressegesetz déi Elementer vum Code de déontologie dra sinn, an ee sech Froe stelle kann, ob een esou eppes konnt maachen, wéinst eben dem Schutz vun de Quellen, déi am Gesetz vun 2004 festgehale sinn.

Just deen Element do, dat ass just, fir ze weisen, dass esou e Pressegesetz mat esou wäitgehende Prinzipien elo och an der Gesellschaft muss ukommen, dass en och vun all deene Leit, déi domat kënnen ze dinn hunn, muss akzeptéiert ginn.

Ech wëll och nach soen, dass an där Motioun drastoung, dass sollt no dräi Joer eng Evaluatioun geschéien. Et ass mer net bekannt, dass déi Evaluatioun esou geschitt ass. Dat Gesetz 6037, wat mer haut sollen ofstëmmen, ass am Fong geholl eng Adaptatioun vun e puer méi Detailpunkten. Mä déi Evaluatioun misst een och wierklech eng Kéier maachen. Ech sinn iwwerzeegt, dass de Conseil de presse och ganz staark dorunner interesséiert wär, fir dat ze maachen.





Ech wëll och nach drun erënneren, dass mer - an den Här Berger huet et och scho gemaach - och nach iwwert den Accès à l'information eng Aufgab hunn. Den Här Bodry huet virun enger Partie Joren eng Proposition de loi 4676 virgeschloen. Ech erënnere mech och drun, dass den Här Statsminister an den zwou Riede vum État de la Nation doriwwer Remarqué gemaach huet an dass dat och e wichtegt Element ass vun der Aarbecht vun de Medien an enger fräier Presse- a Mediëlandschaft. An dofir misst ee sech och eng Kéier de Courage huelen, fir erëm déi Proposition de loi... oder d'Regierung op jidde Fall Propositionen op deem Gebitt do virleeën.

Ech wëll och soen - an dat wëll ech hei ënnersträichen -, dass de Presserot selwer vill Hausaufgabe gemaach huet. En huet 2006 dee Code de déontologie gemaach, opgrond vun deenen Dispositione vum Gesetz, och mat enger Partie Commentaires, déi ganz interessant sinn. En huet och déi Commission des Plaintes 2006 ageallt.

En huet och eppes gemaach, wat ech ganz interessant fannen. Déi Arrêten, déi déi Commission des Plaintes iwwert Différenden mécht, déi an der Press tëschent de Plaignanten an der Press selwer festgestallt ginn, gi public gemaach. Sait 2009 kann een déi also och op dem Site vum Presserot kucken.

En huet och säi Règlement d'ordre intérieur nei gemaach. A mir maache jo och hei elo an deem Gesetz eng Partie Modifikatiounen iwwert d'Komposition vun dem Büro vum Conseil de presse.

Ech mengen, et ass gutt, dass d'Professioun, dass also déi Leit, déi mat deenen Instrumenter schaffen, och permanent déi Instrumenter weiderentwéckelen. An ech menge schon, dass d'Politik drun interesséiert ass, fir dat positiv ze accompagnéieren. Ech mengen, dat hu mer jo och an där Aarbecht gewisen, déi mer an der Kommissioun op deem Gesetz gemaach hunn.

Ech ginn net weider op d'Detailer vum Gesetz 6037 an. Den Här Rapporteur, deem ech och Merci soe fir seng Aarbecht, säi mëndlechen a schrëftleche Rapport selbstverständlech, ass dorobber agaangen.

Ech wëll trotzdem drop hiweisen, dass dëst Gesetz hei 6037 e bëssen eng Schwebgeburt war. Mir hunn zweemol eng Navette mam Conseil d'État gehat. An de Conseil d'État, deen huet Opposition-formell gemaach, besonnesch och op dem Aspekt vun der Obligation fir d'Pressekaart, fir Journaliste professionnel ze ginn. Et ass du schlussendlech grosso modo bei där aler Fassung vum Gesetz vun 2004 bliwwen. Esou dass also déi Contrainte, déi am Fong geholl gewënscht war, net agekratt ass, an dass do déi Situation e bësse méi op ass.

Dat sinn déi puer Remarques, déi ech zu deem Gesetz wollt maachen. Nach eng Kéier: Ech fannen et sécher e wichtegt Gesetz, mä ech fannen et nach méi wichteg, dass mer och regelméisseg, ech mengen och an der Kommissioun, iwwert d'Exekutioun vun deem wichtige Gesetz vun 2004 zesumme mat der Regierung kucken, wann do weider Adaptatiounen ze maache sinn.

Well d'Mediëwelt geet ëmmer weider, ob dat elo d'Printmedië sinn oder och déi elektronesch Medien. Do geschéien andauernd nei Saachen, do kommen andauernd nei Entwécklungen vun Informatioun, mä och vun Infotainment, vun der Manéier wéi een d'Leit wëllt beaflossen an informéieren. Dofir musse mer permanent un deenen Instrumenter schaffen, fir dass mer als Gesellschaft au diapason mat där Entwécklung sinn an déi och kennen esou encadréieren, wéi dat enger demokratescher Gesellschaft entsprécht.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Här President, de Statsrot hat a sengem éischten Avis bedauert, datt keng allgemeng Analys vum Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwert d'Liberté d'expression an de Medië gemaach ginn ass. Mir hunn dat eigentlech och bedauert. A wann ech den Här Fayot richtig verstanen hunn, huet en am Fong deeselwechte Point de vue, datt eben déi Analys net gemaach ginn ass.

Mir hunn eis hei effektiv just op e puer Punkte beschränkt. D'Definition, wéini kann ee sech als Journalist bezeichnen?; wéi kann een d'Berufsbezeichnung vum Journalist schützen?; wéi sollen d'Méiglechkeete vum Recours ausgesinn, wann een als Journalist d'Journalistekaart refuséiert kritt?; an datt de Presserot d'Personnalité civile unerkannt kritt, sinn d'Objete vun deem Gesetz.

Ech wëll dann och dem Rapporteur, dem honorabelen Här Thiel, Merci soe fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport, wou hie prezis den dach awer relativ holperige Wee vun deem Gesetz, wat mer eigentlech als ganz simpel ugesinn hunn, beschriwwen huet. Mat holperigem Wee mengen ech déi vill Oppositions formelles vum Statsrot.

Déi Gréng hätten, grad wéi de Statsrot, och iwwer aner Aspekter vum Pressegesetz matdiskutiert. Mir haten et och an der zoustänneger Kommissioun - den Här Berger huet et och scho gesot; mir waren zesummen -, wou mer den Zougank vun de Journalisten zu Informatiounen vu Statsdängschter zur Sprooch bruecht hunn. Well awer weder den zoustänneger Minister nach de Presserot selwer en Interessi gewisen hunn, dee Punkt an dëst Gesetz mat ze integréieren, war d'Diskussioun eriwwer, ier se richtig ugefaangen hat.

Här President, déi gréng Fraktioun bedauert, datt net méi an deem Gesetz steet, wéi eben drasteet. Et steet awer och näischt dran, wou mer missten eng Opposition formelle maachen. Duerfir bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Adam Merci. Als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

## 5. Dépôt d'une motion par M. Jean Colombero

► **M. Jean Colombero (ADR).** - Merci, Här President. Här President, wann Der erlaabt, ech wëllt gär hei eng Motioun déposéieren, ier ech ufänken. Et geet ëm d'Nationalstrooss RN7, Nordstrooss, déi...

(**Brouhaha général**)

Jo, wann ech gelift! Ech gi se nëmmen of.

(**Brouhaha général**)

Jo, jo, reegt lech net op! Ech gi se nëmmen of.

(**Brouhaha général**)

► **Une voix.** - Den Här Kaes léisst dat do net zou!

(**Brouhaha et hilarité**)

► **M. le Président.** - Här Colombero, da gitt mer elo déi Motioun an da kommt Der zum Sujet vum Dag!

► **M. Jean Colombero (ADR).** - Jo, ech gesinn, et ass ganz kritesch. Ech schwätzen eng aner Kéier doriwwer, Här President. Merci.

(**Hilarité**)

**Motion**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la route nationale RN7 (E421) est le théâtre de nombreux accidents graves;*

- *considérant que cet axe européen arrive à saturation;*

*invite le Gouvernement*

- *à porter la RN7 à deux fois deux voies de circulation, séparées par un mur californien, entre Wempehardt et Colmar-Berg;*

- *à construire toutes les voies nécessaires pour éviter les agglomérations se trouvant le long de cet axe routier;*

- *à mettre en place une voie d'évitement («bypass») au rond-point Fridhaff;*

- *à faire construire les ouvrages d'art nécessaires pour éviter toutes les bifurcations par la gauche;*

- *à intégrer toutes ces mesures dans le plan sectoriel «Transports».*

(s.) Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, André Hoffmann, Fernand Kartheiser.

Op jidde Fall, Merci, Här Kaes, fir d'Petitioun, mä ech wollt lech rappelléieren, dass et ganz wichteg fir d'Regierung ass, do eppes ze ënnerhuelen.

## 6. 6037 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 8 juin 2004 sur la liberté d'expression dans les médias et de la loi du 3 août 1998 sur la promotion de la presse écrite (suite)

**Discussion générale (suite)**

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëlle mir dem Rapporteur, dem Här Thiel, Merci soe fir dëse mëndlechen a schrëftleche Bericht. Dëst Gesetz gesäit verschidde punktuell Adaptatiounen vir, verschidde Virschléi, mat deenen de Conseil de presse averstanen ass, esou dass mir den Accord zu dëser Virlag wäerte ginn.

Ob et elo wichteg ass, fir eng Pressekaart ze hunn, oder net, dat steet op engem anere Blat. Vill méi wichteg ass d'Roll, déi d'Press an engem demokratesche Land muss spillen.

Wat ass eng fräi Press? Sécherlech ass dat net eng neutral Press, mä éischer eng pluralistesche Press, wou all Zorte vu Meinungen kënnen vertruete ginn, an d'Pressehëllef ass wichteg fir d'Iwwerliewe vu verschidde Presseorganen. Et gëtt keng Demokratie, ouni eng fräi a pluralistesche Press. Ech brauchen hei den Term vun „watchdogs of democracy“.

Fundamental ass d'Protection des sources, an hei erënneren ech un den Arrêt Goodwin vun 1996, wou de Journalist refuséiere kann, fir d'Informanten ze zitieren a se soumat schützen kann. Mir hunn dat och am Pressegesetz drastoen, mä leider gouf et awer Fäll, och hei zu Lëtzebuerg, wou dat net respektéiert gouf, an d'Justiz sech doriwwer ewechgesat huet. Ech erënneren hei un déi zwou bekannt Affären, d'Affär Rob Roemen géint de Michel Wolter an d'Affär Contacto, wou et zu Perquisitiounen komm ass.

Wat brauch e fräie Journalist nach? Den Här Berger huet gesot, hie brauch den Accès zu den administrativen Donnéeën an de Verwaltungen, wéi et Usus ass an de skandinavesche Länner. Wann de Secteur public Donnéeën huet, da mussen déi accessibel sinn. Hei zu Lëtzebuerg hänke mir nach hannendran. Do soll ee Gesetz an der Maach sinn. Offiziell hu mir awer nach keen Accès un déi administrativ Donnéeën. Ech erënneren do un d'Affär Mouvement écologique géint de Minister Krecké. Ech wollt dann de Minister froen, wéi wäit dass mer an deem Projet do sinn.

Eng aner Fro, déi ech wëllt stellen, ass déi heiten: Ass den Ukas Santer definitiv opgehewen oder besteet deen nach? Bekanntlech goufen hei d'Fonctionnaire gebieden, keng Informatiounen méi erauszeginn, ouni dass de Minister säin Accord sollt ginn.

► **Une voix.** - Wou ass de Sujet?

► **M. Jean Colombero (ADR).** - Schliesslech ass dat drëtt wichtegt Element, dass d'Fräiheet vun der Expressioun am Équilibrium muss si mat dem Schutz vun den individuelle Rechter. Hei besteet dann e Flou, well et keng legal Definition vum Privatliewe gëtt, an d'Grenz tëschent dem öffentleche Liewe vun engem Politiker zum Beispill mat sengem private Liewen ass schwéier ze definéieren.

Mir begrëssen, dass d'Décisiounen vun der Commission des plaintes publizéiert ginn, a mir mengen, dass d'Sanktiounen, wa se ausgesprach ginn, méi effektiv solle sinn.

Dës Punkten, wéi gesot, si méi wichteg, wéi de Fait fir eng Pressekaart ze hunn

oder net. Wéi geféierlech et fir e Journalist ass, beweist dat rezent Beispill vum italienesche Verteidigungsminister. E freelance Journalist wollt dem italienesche Premier eng Fro stellen, ouni säin Tour ofzewaarden. Hien ass fir d'éischt ofgewise ginn. Dunn huet en insistéiert. Du gouf e vum Verteidigungsminister mam Kolli geholl an aus dem Sall erauskomplimentéiert. Déi zwee Personnage gesi sech beim Richter erëm. Esou eng Situatioun ass hei zu Lëtzebuerg net denkbar, mä an Italien schloen d'Auere bekanntlech aneschtens.

Dat gesot, Här President, ginn ech den Accord vu menger Partei.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Colombero Merci. Dann ass als Nächste den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här President, ech mengen net, ech hat net den Androck, dass mer hei nëmmen eng punktuell Ännerung vun engem Gesetz hätten, sondern ech hunn den Androck, dass mer hei wichteg Prezisiounen agefouert hunn, déi onbedéngt gefeelt hunn. An dat ass natierlech un alleréischer Stell déi Definition vum Journaliste professionnel an domadder op d'mannst indirekt och d'Protektioun vun deem Titel.

Ech mengen och, dass et eng vernünfteg Léisung no villem Hin an Hier war, de Journaliste professionnel esou ze definéieren, an d'Konditioun, Journaliste professionnel mussen ze sinn, fir eng Pressekaart ze kréien, festzehalen, mä net ëmgedréit. Dat heescht also, net mussen eng Pressekaart ze hunn, fir kënnen professionelle Journalist ze ginn, well et jo och där gëtt, déi, aus welleche Grënn och ëmmer, ënner Émstänn vläicht déi Pressekaart guer net wëllen.

Richtig a kohärent ass et och, dass de Presserot d'Personnalité juridique, d'Personnalité civile kritt, well en déi Pressekaart vergëtt, dat heescht, well also do dann och Contestatiounen méiglech sinn. An ech mengen, och déi Léisung, dass et de Presserot ass, dee bedeelegt ass, et awer en onofhängege Magistrat ass, dee presidéiert, ass déi richtig a vernünfteg Léisung an där Fro.

Ech bedauern awer och, dass mer vun der Geleeënheet net profitéiert hunn, fir eng allgemeng Diskussioun iwwer eist relativ aalt - relativ aalt, mat der Entwécklung, déi haut ganz schnell geet - Pressegesetz, déi Reflexioun ze féieren, wou dann och d'Fro vun dem Accès zu den Informatiounen bei de Verwaltungen an esou weider, déi den Här Berger ugeschnidden huet, wou déi Fro dann och misst behandelt ginn.

Ech hunn eng prezis Fro mer gestallt, wéi ech d'Gesetz gelies hunn: Wéi gesäit et aus mat de Journalisten aus dem Ausland a mat deenen hire Rechter, wa se eng eege Kaart hunn aus dem Ausland? Dorop kann entweder de Rapporteur oder de Minister vläicht kuerz äntworten.

Dann en Oflosswuert ganz allgemeng: D'Pressefräiheet ass net nëmmen en zentral Biergerrecht, mä ass och eng zentral Viraussetzung fir eng oppen, demokratesch Debatt. Dat bedeit awer dann, dass de Pluralismus muss ofgeséichert ginn, an de Pluralismus, deen däréi awer net eleng doranner bestoen, dass et eng Rei vu Presseorganen gëtt, déi alleguerte méi oder weëneger no bei enger bestëmmter politescher Partei stinn. Dat soll wuel net ausgeschloss ginn, mä domadder ass awer d'Fro vum Pluralismus net ofgedeckt.

An ech mengen, dass ee scho muss feststellen, dass mir hei zu Lëtzebuerg relativ weënig, am Ennerscheed awer zum Ausland oder zu verschidde Länner aus dem Ausland, awer relativ weënig wierklech onofhängeg, an deem Sënn parteipolitesch wierklech onofhängeg Presseorganen hunn. Dat ass einfach eng Feststellung. Dee Prinzip vun der Meinungsfräiheet, dee leet natierlech dem Journalist op där enger Säit eng grouss Verantwortung op, verlaangt awer vun der Gesellschaft och eng grouss Protektioun vun deem Journalist.

Da wëll ech awer eppes betounen, wat haut nach kee gesot huet, eng Protektioun